100/19

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
27 SEP 2019
1259 (99)

Lëtzebuerg, den 27/09/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz, Bannenzeg Sécherheet, Interieur & Kultur weiderzeleeden.

Esch/Uelzecht ass awunnerméisseg déi zweetgréisste Stad an eisem Land. D'Minettemetropole ass eng Stad mat vill Geschicht a Kultur a gläichzäiteg eng Stad op der Sich no enger neier Identitéit. An der Transitiounsphase nom Réckzuch vun der Stolindustrie versicht d'Stad sech selwer eng nei Identitéit ze ginn. An dësem Kader spillt natierlech Esch2022 eng wichteg Roll, well mam Projet vun der europäescher Kulturhaaptstad Esch seng Identitéit als hip, modern a kosmopolitesch Stad weiderentwéckele soll.

Allerdéngs ass Esch aktuell net fir seng Kënschtler- a Kulturzeen bekannt, mee virun allem fir d'Onsécherheet a Kriminalitéit. Et brauch ee keng zwou Persounen an der Stad ze froen fir festzestellen, dass d'Perceptioun vun der Sécherheet zu Esch miserabel ass. Ob Drogenhandel, Gewalt am Alldag oder Déifstall, d'Escher Police leeft der héijer Unzuel vun Infraktioune säit Jore hannendrun. Et ass virun allem fir d'Awunner a fir d'Geschäftsleit ermiddend ee Strofdéider den Dag no senger Infraktioun erëm op d'Neies bei enger neier Strofdot ze erwëschen. Als Folge hu vill Mënschen zu Esch d'Vertrauen an d'Justiz ganz verluer a ruffen aus dësem Grond d'Police net méi. D'Strofdéiter selwer schéngen de Respekt virun der Justiz och komplett verluer ze hunn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Opgelëscht pro Joer, wéi vill Infraktioune sinn tëscht 2013 an 2019 an der Gemeng Esch/Uelzecht constatéiert ginn?
   - Wéi vill Infraktioune betreffen Déifstall?
   - Wéi vill Infraktioune betreffe Gewalt?
   - Wéi vill Infraktioune betreffen Drogenhandel?

2. Als Vergläich: Opgelëscht pro Joer, wéi vill Infraktioune sinn tëscht 2013 an 2019
   - op der Stater Gare,
   - zu Déifferdeng,
   - zu Péiteng, zu Dikrech,
   - zu Ettelbréck
   - an zu Wolz

   constatéiert ginn?

   - Wéi vill Infraktioune betreffen Déifstall?
   - Wéi vill Infraktioune betreffe Gewalt?
   - Wéi vill Infraktioune betreffen Drogenhandel?

3. J'ai dû passer au moins un millier d'appels aux autorités. Depuis un an et

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

demi, c'est de pire en pire. Les dealers s'installent, je les mets dehors, puis ils reviennent en me riant au nez. *(Auszuch aus engem Artikel aus dem L'essentiel 18ten Oktober 2018)*

Kann d'Regierung den Onmut an d'Frustratioun vun den Awunner a Geschäftsleit zu Esch novollzéien?

4. Consideréiert d'Regierung, dass d'Kriminalitéit zu Esch ausser Kontroll geroden ass?

5. Wat fir eng Mesure wäert d'Regierung ënnerhuele fir d'Sécherheet zu Esch a noer Zukunft ze erhéijen?

6. D'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet a Justiz haten de leschte Mëttwoch un enger Versammlung am Quartier Stater Gare deelgeholl fir mart den Awunner iwwert d'Kriminalitéit an der Rue de Strasbourg ze diskutéieren. Envisagéiert d'Regierung eng ähnlech Versammlung fir Esch? Falls jo, wéini?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député